N°804
Entrée le 28.05.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 28.05.2024
Chambre des Députés

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 28/05/2024

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Sport weiderzeleeden.**

Laut Aktivitéitsbericht vum Sportsministère sinn am Joer 2023 2.786.818 € als Participatioun vum Staat un de Fonctionnementskäschte vun den nationalen Zentren am Beräich vum Sport budgetiséiert ginn. 206.041 € sinn dovunner un déi verschidde Verbänn gaang, 2.580.777 € u verschidde Gemengen.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Kann de Minister, op Basis vum engem Tableau, d'Evolutioun vun dësen Zuele säit dem Joer 2018 produzéieren (opgelëscht pro nationalem Zenter)?

2. Wéi erkläert de Minister sech d'Evolutioun vun dësen Zuelen?

3. Op Basis vu wat fir Krittären oder Arrangementer gëtt dës Participatioun vum Staat, pro nationalem Zenter, gerechent?
   Am Fall wou dëst per Konventioun gereegelt wär, vu wéini datéieren dës Konventioune fir déi jeeweileg Zenteren?

4. An den Aktivitéitsberichter vun de Jore virdru waren nach de *„Centre national d'aviation"* zu Näertreg, de *„Centre national de Golf"* zu Eeselbuer *an de „Centre régional omnisports"* an der Gemeng Parc Housen opgelëscht.
   - Firwat sinn des Zentren net am Aktivitéitsbericht 2023 dran?
   - Wéi vill war do, opgelëscht pro Zenter, d'Participatioun vum Staat säit dem Joer 2018 an op Basis vu wat fir enge Krittären?

5. Laut dem Aktivitéitsbericht vun 2020 war den éischten Decompte vum *"Centre national de canoë kayak"* zu Dikrech fir ufanks 2021 ugeduecht. Och dësen nationalen Zenter ass am Aktivitéitsbericht vum Sportsministère am Joer 2023 net opgelëscht.
   - Wéi erkläert sech de Minister dëst, obschonn et dësen Zenter scho säit 2018 gëtt?
   - Wéi ass do Participatioun vum Staat säit 2018?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven

Deputéierten

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Sports

**Äntwert vum Här Sportsminister op d'parlamentaresch Fro n°804 vum 28. Mee 2024 vum honorabelen Deputéierte Sven Clement.**

1. **Kann de Minister, op Basis vum engem Tableau, d'Evolutioun vun dësen Zuele säit dem Joer 2018 produzéieren (opgelëscht pro nationalem Zenter)?**

| Partizipatioun vum Staat un de Fonctionnementskäschte | | | | | | | |
|---|---|---|---|---|---|---|---|
| **Centre national** | **Année de la signature de l'accord /de la convention** | **2018** | **2019** | **2020** | **2021** | **2022** | **2023** |
| Stade de Luxembourg | 2017 | - € | - € | 382 500.00€ | 1 049 500.00€ | 1 072 445.00€ | 2 121 662.00€ |
| Boulodrome national | 2013 | 19 285.00€ | 18 292.00€ | 15 173.00€ | 19 485.00€ | 29 305.00€ | 30 807.00€ |
| Centre national de Tennis | 2018 | - € | 112 500.00€ | 112 500.00€ | 112 500.00€ | 112 500.00€ | 112 500.00€ |
| Centre de formation national de football | 2004-2022/2022- | 50 000.00€ | 50 000.00€ | 50 000.00€ | - € | 50 000.00€ | 50 000.00€ |
| Centre national de motocross | 2014 | 26 306.00€ | 14 126.00€ | 23 603.00€ | 13 510.00€ | 16 734.00€ | 23 399.00€ |
| Centre national de quilles | 2011 | 67 489.00€ | 63 439.00€ | 63 165.00€ | - € | - € | 96 764.00€ |
| Centre national de tir Bloëbierg | 2016 | 5 443.00€ | 6 889.00€ | 4 102.00€ | 15 442.00€ | 10 304.00€ | 30 145.00€ |
| Centre national de tir à l'arc | 2005 | 19 738.00€ | 18 230.00€ | - € | 17 416.00€ | 18 503.00€ | 23 416.00€ |
| Centre national de voile | 2004 | 6 421.00€ | 4 627.00€ | 5 000.00€ | 5 000.00€ | 4 634.00€ | 5 000.00€ |
| Centre national des arts martiaux | 2020 | - € | - € | - € | 138 563.00€ | 660 229.00€ | 215 203.00€ |
| Centre national d'escrime | 2020 | 14 714.00€ | - € | - € | - € | 14 512.00€ | 13 047.00€ |
| Complexe sportif Parc Hosingen | 2018 | 33 673.00€ | 37 292.00€ | 18 449.00€ | 50 602.00€ | 58 068.00€ | 71 680.00€ |
| Location d'agrès de sports (FLGym) | 2018 | 7 925.00€ | 9 500.00€ | - € | - € | 9 500.00€ | 10 000.00€ |
| Patinoire | 2006 | - € | - € | - € | 35 000.00€ | - € | 29 000.00€ |
| Terrain d'aviation de Noertrange | / | 4 952.00€ | 5 174.00€ | 4 153.00€ | - € | - € | - € |
| Location terrains de squash | 2021 | - € | - € | - € | 26 699.00€ | - € | 16 686.00€ |
| Somme | | 255 946.00€ | 340 069.00€ | 678 645.00€ | 1 483 717.00€ | 2 056 734.00€ | 2 849 309.00€ |

2. **Wéi erkläert de Minister sech d'Evolutioun vun dësen Zuelen?**

D'Progressioun vun den Ausgabe fir eis national Sportzentren erkläert sech duerch de Besoin vun deene verschiddene Sportaarten no ëmmer méi Trainingsméiglechkeeten.

3. **Op Basis vu wat fir Krittären oder Arrangementer gëtt dës Participatioun vum Staat, pro nationalem Zenter, gerechent? Am Fall wou dëst per Konventioun gereegelt wär, vu wéini datéieren dës Konventioune fir déi jeeweileg Zenteren?**

De Sportsministère bedeelegt sech mat maximal 70%, oder engem Forfait, un de Fonctionnementskäschte, respektiv der Locatioun vun Terrain'en, vun de nationale Sportzentren. Dës finanziell Participatioun ass an enger Konventioun mat der jeeweileger Gemeng oder dem jeeweilege Verband gereegelt. D'Date vun der Ënnerschrëft vun deene verschiddene Konventioune befannen sech am Tableau zur Fro 1).

4. **An den Aktivitéitsberichter vun de Jore virdru waren nach de „Centre national d'aviation" zu Näertreg, de „Centre national de Golf" zu Eeselbuer an de „Centre régional omnisports" an der Gemeng Parc Housen opgelësch?**
    - **Firwat sinn des Zentren net am Aktivitéitsbericht 2023 dran?**
    - **Wéi vill war do, opgeléscht pro Zenter, d'Participatioun vum Staat säit dem Joer 2018 an op Basis vu wat fir enge Krittären?**

Déi 3 genannten national Sportzentre sinn aus ënnerschiddleche Grënn net am Aktivitéitsbericht opgezielt. Wat den Centre national d'aviation ugeet wor déi finanziell Participatioun iwwer en Arrêté ministériel am Ministère de la Mobilité et des Travaux publics gereegelt. Nodeems dësen Arrêté abrogéiert gëtt et, Stand haut, keng Basis fir eng finanziell Participatioun. D'Ausgabe fir de Sportkomplex zu Housen sinn ënner dem 1. Punkt opgelëscht. A wat de Centre national de Golf ugeet, gëllt et ze betounen, dass déi finanziell Participatioun, bis dëst Joer, iwwer de Fonds d'équipement sportif national bezuelt gouf. Zënter 2024 leeft dëst och iwwer de Budget vun de nationale Sportzentren, sou dat Dësen am nächsten Aktivitéitsbericht wäert opgelëscht sinn.

5. **Laut dem Aktivitéitsbericht vun 2020 war den éischten Decompte vum "Centre national de canoë kayak" zu Dikrech fir ufanks 2021 ugeduecht. Och dësen nationalen Zenter ass am Aktivitéitsbericht vum Sportsministère am Joer 2023 net opgelëscht.**
    - **Wéi erkläert sech de Minister dëst, obschonn et dësen Zenter scho säit 2018 gëtt?**
    - **Wéi ass do Participatioun vum Staat säit 2018?**

D'Komplexitéit vum Dossier, duerch d'Bedeelegung vu ville staatlechen Instanzen, ass de Grond wisou de Centre national de canoë kayak Stand haut nach net konventionéiert ass an de Sportsministère d'Fonctionnementskäschten net kann iwwerhuelen.

**Lëtzebuerg, den 28. Juni 2024**
Le Ministre des Sports
(s.) Georges Mischo